# Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.sb.l.

ÖKOSEKTiOUN

placée sous le Haut-Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean de Luxembourg †
affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.

47, rue de la Libération L-5969 Itzig Téléphone 36 65 55 http://www.flps.lu E-mail : secretariat@flps.lu

**Communiqué vun der Ökosektioun vun der Lëtzebuerger Sportfëscherfederatioun (FLPS)**

Mir stelle leider fest, datt eis Gewässer ëmmer nees duerch Verschmotzungen verseucht gi. Besonnesch dramatesch fir Waasserfauna -Flora ass et, wa Baachen mat begrenztem Debit betraff sinn. Dat war heefeg fir d'Uelzecht de Fall an elo fir d'Attert, wou d'Fëscher e massiivt Fëschstierwen festgestallt hunn, an dat op enger Streck vun e puer Kilometer.

Mir gi dervun aus, datt déi agesammelte Fësch analyséiert gi an datt d'Resultater publizéiert gi.

Mir fuerderen, datt d'Ursaachen an d'Konsequenzen vum Têschefall net nëmmen ënnersicht gi, mais dat och Konsequenze gezunn gi, fir esou Pollutiounen ze verhënneren.

D'Fëschereipiechter, déi deier fir d'Puecht bezuelt hunn an déi verflicht sinn, d'Baach mat Fësch ze besetzen, si geschiedegt. Mir fuerderen, dat si entschiedegt gi.

Et ass eng Tatsaach, dat zu dëser Joereszeit, duerch d'Landwirtschaft zousätzlech och nach massiv Piff op d'Felder laanscht Baachen abruecht gëtt. Fir datt d'Attert hire biologeschen Equiliber nees séier zeréckfanne kann, soll d'Abréngen vu Piff (Gülle) am direkten Anzuchsgebitt vun der Baach verbuede gi.

Matgedeelt vun der Lëtzebuerger Sportfëscherfédératioun